ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Januar 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister weiderzeleeden.

Am spuenesche Biergerkrich vun 1936 bis 1939 hu ronn 100 Männer aus Lëtzebuerg, dorënner ronn 60 Lëtzebuerger Staatsbierger, sech den internationale Brigaden a Spuenien ugeschloss fir ze kämpfen. Ech géif dozou dem Här Premierminister zwou Froe wëlle stellen:

Wärend dem Biergerkrich koum et zu Krichsverbrieche vun deenen zwou Säiten, zum sougenannte "wäissen Terror" vun den Frankisten an zum sougenannte "rouden Terror" vun de verschiddene prorepublikaneschen a kommunistesche Gruppen. Beim "rouden Terror" sinn Zéngdausende vun Zivilisten, dorënner besonnesch Geeschtlecher an Uerdensfraen, Geschäftsleit, Politiker, ermord ginn.

1. Ginn et an deem Kontext Studien oder Indizien iwwer eng eventuell Participatioun vu Leit aus Lëtzebuerg un deene Krichsverbriechen an Spuenien?
2. Ass auszeschléissen, datt Leit aus Lëtzebuerg a Brigade waren, déi Krichverbrieche begaangen hunn?

Net nëmmen op der republikanescher Säit huet een auslännesch Kämpfer fonnt, mä och op der frankistescher Säit hunn dausende Fräiwëlleger aus dem Ausland gekämpft.

3. Ass gewosst ob och Lëtzebuerger op där Säit gekämpft hunn, an wa jo, ware si a Krichsverbriechen involvéiert?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten